N°2699
Entrée le 16.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°2699 vum 30.07.2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clément iwwert d'assurance pension volontaire pour les fonctionnaires**

*1- Firwat ass iwwer ee Joer nom Verspriechen, dës Modifikatiounen "esou séier wéi méiglech" ze maachen, nach ëmmer näischt geschitt?*

Deen ugekënnegte Reglement ass nach net um Instanzewee well an der Tëschenzäit eng ganz Rei aner Texter, virun allem Gesetzesprojeten, virbereet an deposéiert gi sinn an de Suivi dovun, respektiv vun deenen déi schonn deposéiert waren, gemaach ginn ass vu mengen Servicer am Ministere. De Kalenner vun deene Projeten ass schwiereg ze plange well ënnert anerem net gewosst ass, wéini se aviséiert ginn an ob a wéi vill se mussen adaptéiert ginn.

*2.Wéini gëtt dat groussherzoglecht Reglement vum 25. Juni 2009 endlech modifizéiert fir dëse Feeler ze korrigéieren?*

Ech sinn zouversiichtlech, dass zäitno de Projet, fir dee betraffene Reglement ze änneren, op den Instanzewee wäert goen.

Lëtzebuerg, de 16/09/2025

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes

10, avenue John F. Kennedy
L-1855 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83100
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
www.fonction-publique.public.lu